



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 08.02.2022 wéilt ech dem Minister fir Verdeedegung eng mëndlech Fro stellen.

D'Situatioun am Mali gëtt fir déi involvéiert europäesch militäresch Asazkraaft ëmmer méi onkloer. D'Spannungen tëscht de concernéierten Acteuren am Mali huele weider zou an Däitschland a Frankräich denken oppen iwwert e komplette Réckzuch aus dem Land no.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Denkt och d'Lëtzebuenger Regierung doriwwer no, d'Participatioun vun der Lëtzebuenger Arméi u Militärprojeten am Mali virzäiteg ze beendegen?

Ginn et Pläng, wéi Lëtzebuerg reagéiere wäert, falls Däitschland an/oder Frankräich sech ganz aus dem Mali zeréck zéie sollten?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

